ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2017

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Wann auslännesch Gäscht, Touristen a Geschäftsleit an eisem Land ukommen, erliewen si hir éischt Impressioune vu Lëtzebuerg dacks op der Stater Gare oder um Findel. Et ass an anere Länner an an internationale Groussstied üblech, datt dës Plazen och als positiv Visittekaarte fir dat jeeweilegt Land vermaart ginn, z.B. mat attraktive Fotoen an touristeschen Infoen. Zu Lëtzebuerg sicht een esou eng Vermaartung op der Gare an um Findel ëmsoss.

An deem Zesummenhang wollt ech folgend Froen un déi Häre Ministere stellen:

1. Wär et net sënnvoll, Tourismusbüroen op der Stater Gare an um Findel opzemaachen?
2. Wär et net sënnvoll, op der Stater Gare an um Findel grouss a flott Fotoe vun deene schéinsten natierlechen a kulturelle Sitten am Land opzehänken?
3. Wär et net sënnvoll, op deene genannte Sitten Infoen iwwer kulturell Evenementer public ze maachen?

4. Sollt, aus Grënn vum "Nation branding", d'Zuel vun de Reklammen mat finanzielle Contenue vläicht net e bëssche manner grouss sinn?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser
Deputéierten